PRESSË COMMUNIQUÉ

ENERGIETRANSITIOUNSPOLITIK VUN DER GEMENG NIDDERAANWEN

„NIDDERAANWEN ZESUMME VIRUBRÉNGEN“

D'Gemeng Nidderaanwen verfollegt eng ambitiéis an integréiert Energietransitiouns- a Klimastrategie. Duerch de massiven Ausbau vun erneierbaren Energien, d'Förderung vun Energiegemeinschaften, Investitiounen an eng resilient Energieinfrastruktur an d'Dekarboniséierung vum Energieverbrauch soll bis 2030 Klimaneutralitéit am private Wunnsecteur, bis 2040 an der Gemengeverwaltung, a bis 2050 um gesamte Gemengenterritoire erreecht ginn.
D'Energietransitioun gëtt dobäi als eng gemeinsam gesellschaftlech Aufgab verstanen, bei där Bierger, Betriber, administrativ Strukturen a politesch Acteuren zesummeschaffen. Dës Approche entsprécht dem Leitprinzip vun eiser Gemeng: „Nidderaanwen zesumme virubréngen“.

Zousätzlech Informatiounen & Kontakt:
34 11 34-62
kevin.becker@niederanven.lu

Eng gemeinsam Energietransitioun

D'Gemeng Nidderaanwen verfollegt eng integréiert a laangfristeg Transformatiounsstrategie, déi op eng massiv Vergréisserung vun der erneierbarer Energieproduktioun an op d'Schafung vun engem resilienten, partizipativen Energiesystem ausgeriicht ass.

Zil ass et, bis 2030 d'Klimaneutralitéit am privaten Energieverbrauch vun de Stéit ze erreechen, bis 2040 vun der Gemengeverwaltung, a bis 2050 d'Klimaneutralitéit um gesamte Gemengenterritoire ze garantéieren.

Am Zentrum steet de Leitprinzip „Nidderaanwen zesumme virubréngen". D'Energietransitioun gëtt als eng gemeinsam gesellschaftlech Aufgab verstanen, bei där Bierger, Betriber, administrativ Strukturen a politesch Acteuren aktiv zesummeschaffen.

Dës partizipativ Approche gëtt konkret ëmgesat duerch:

- reegelméisseg Biergerversammlungen,
- Biergerteams (Klima & Natur),
- d'Ëmweltkommissioun,
- eng speziell Energietransitiounskommissioun,
- an e järleche Klimaforum, deen dëst Joer den 6. Juni seng éischt Editioun gefeiert huet.

Eis Energietransitiounspolitik an der Gemeng Nidderaanwen

Eis Energietransitiounspolitik baséiert op véier Pilieren:

1. Photovoltaik als Haaptpilier

D'Gemeng setzt konsequent op Photovoltaik als zentrale Motor vun der Energietransitioun.

D'Strategie baséiert op:

- enger PV-Obligatioun bei Neibauten,
- engem staarke kommunale Subsid vun zousätzlech 50 % zum staatleche Subsid,
- enger konsequenter administrativer Vereinfachung (keng Baugeneemegung néideg),
- an enger aktiver Informatiouns- a Sensibiliséierungspolitik.

Dës Approche huet zu engem aussergewéinlech schnelle Wuesstem vun der installéierter Solarenergie an de leschten dräi Joer gefouert a Nidderaanwen un d'Spëtzt vun de Lëtzebuerger Gemenge positionéiert.

Och d'Gemeng selwer huet bedeitend Investitiounen initiéiert:

- um Gemengenhaus,
- op der Residenz Gréngewald an Zesummenaarbecht mat der Enercoop Syrdall,
- op der Syrdall Schwemm am Kader vum interkommunale Syndikat,
- souwéi beim gréissere Carport-Projet virun der Maison Relais an Zesummenaarbecht mat Enovos.

Aktuell sinn um Territoire vun der Gemeng Nidderaanwen 11.500 kWp installéiert Leeschtung a Betrib, wat enger Produktioun vun ronn 9,8 Millioune kWh pro Joer entsprécht.

2. Wandenergie als komplementare Pilier

Nieft der Photovoltaik entwéckelt d'Gemeng gezielt d'Wandenergie als wichteg Ergänzung.

Am Kader vun enger Partnerschaft mat Soler goufen:

- véier Standuerter analyséiert,
- eng breet Biergerconsultatioun organiséiert,
- an ee Site ausgewielt, deen aktuell an der Commodo-Prozedur ass.

Wandenergie ass dobäi net als Alternativ, mee als néideg Ergänzung zur Photovoltaik ze verstoen. Si produzéiert virun allem dann Energie, wann d'Solarproduktioun méi schwaach ass – nuets an an den däischtere Wanterméint – an dréit domat zu enger stabiller a resilienter erneierbarer Energieversuergung bäi.

3. Energiegemeinschaften an Energieinfrastruktur fir méi Resilienz

Eng zentral Innovatioun ass d'Aféierung vun Energiegemeinschaften, déi lokal Produzenten a Konsumenten direkt matenee verbannen.

Fir dëse Modell ze vereinfachen, gëtt d'ASBL „Mir deelen" geschaf, déi:

- déi administrativ an technesch Ofwécklung iwwerhëlt,
- d'Participatioun fir Bierger vereinfacht,
- Barrièrë fir lokalt Energiedeelen ofbaut,
- a vulnerabele Stéit den Zougang zu erneierbaren Energien erméiglecht.

D'Zil ass e System mat:

- fairer Remuneratioun fir Produzenten,
- bezuelbarem lokal produzéierte Stroum fir Konsumenten,
- a verstäerkter Energieonofhängegkeet vun der Gemeng.

Den offizielle Start ass nach fir dëst Joer virgesinn.

Modern Energieinfrastruktur

Fir déi massiv Transformatioun ze erméiglechen, investéiert d'Gemeng parallel an d'Moderniséierung vum Stroumnetz:

- eng éischt Ausbauphas am Zentrum „Am Sand" mat engem neien Transformator an Integratioun vu gréisserer Späicherkapazitéit,
- souwéi zwou weider Ausbauphasen am selwechten Zentrum vun der Gemeng.

Nieft stationäre Batteriespäicher analyséiert d'Gemeng och d'Méiglechkeet, déi bestoend Batteriespäicher vun Elektroautoen intelligent an den Energiesystem anzebannen. Elektroautoen verfügen am Duerchschnëtt iwwer eng zéngmol méi grouss Späicherkapazitéit wéi klassesch Heembatterien.

E wichtege Bestanddeel vun dëser Strategie ass den Ausbau vu bidirektionale Luedinfrastrukturen.
D'Zil ass et, d'Netz fit ze maachen fir eng héich Dicht un erneierbarer Energie a gläichzäiteg eng stabil a resilient Energieversuergung ze garantéieren.

4. Dekarboniséierung vun der Energieconsommatioun

Nieft der Energieproduktioun setzt d'Gemeng op eng ëmfaassend Dekarboniséierungsstrategie, déi véier Dimensioune verbënnt.

Gebaier an Energieeffizienz

- massiv Isolatiouns- a Renovatiounsoffensiven,
- attraktiv kommunal Subsiden,
- strukturell Reduktioun vum Energieverbrauch am Wunnsecteur,
- systematesch Sensibiliséierung fir Energieeffizienz.

An deem Kontext gouf 2025 d'Campagne „Zesumme renovéieren" duerchgefouert, bei där méi wéi 1.400 Wunngebaier individualiséiert energetesch Steckbréiwer kruten.

Elektrifizéierung vum Heizen

- progressiv Elektrifizéierung vum Heizsecteur,
- Ausbau vu Wärmepompelen als Standardtechnologie,
- Analys vu niddregtemperatur- a quartiersbaséierten Heizléisungen.

Digitaliséierung a Smart Energy

- intelligenten Energiemanagement fir kommunal Gebaier,
- méi Transparenz iwwer Energieverbrauch a Produktioun,
- Smart Lighting an LED-Systemer,
- digital Plattformen fir Energie- a Ressourcendeelung.

Elektrifizéierung vum Transport

D'Gemeng setzt op eng progressiv Elektrifizéierung vum Verkéier:

Kommunal Flott

- 100 % Elektrifizéierung vun der Gemengeflott bis 2040,
- Analys vun der Notzung vun de Batteriespäicher vun den zukünftege Schoulbusser fir lokal Iwwerschossproduktioun aus Photovoltaik ze späicheren.

Nohalteg Mobilitéit

- Weiderentwécklung vum Vëlosreseau,
- Verbesserung vun der Ubannung un den ëffentlechen Transport (Citybus a Ruffbus),
- reegelméisseg Analys vu Sharing-Léisungen (Vél'OH! a Flex).

Ënnerstëtzung vun der privater Elektromobilitéit

- 50 % Subsid fir privat Luedinfrastrukturen,
- zousätzlechen Top-up-Subsid vun 50 % bei der Kombinatioun vun enger Luedstatioun mat enger Photovoltaikanlag.

Parallel dozou gëtt d'Netz vun den ëffentleche Luedstatiounen kontinuéierlech ausgebaut.

Resultater bis haut

D'Strategie vun der Gemeng Nidderaanwen weist schonn haut konkret a moossbar Resultater:

- 11.500 kWp installéiert Photovoltaikleeschtung,
- ronn 9,8 Millioune kWh Solarstroumproduktioun pro Joer,
- eng vun de gréisste Wuesstemsraten am Beräich Photovoltaik an de leschten dräi Joer,
- national Spëtzepositioun an 2 Kategorien an der Solar Challenge,
- Gewënn vum Eurosolar Solarpräis 2025: "Stied, Gemengen an ëffentlech Déngschter"
- erfollegräiche Reaudit vum Goldniveau am Klimapakt 2026,
- breet gesellschaftlech Akzeptanz vun der Energietransitioun.

Op ville Plaze gëtt d'Gemeng haut als ee vun de progressiivsten Acteuren am kommunale Secteur am Beräich vun den erneierbaren Energien ugesinn. Dëse Succès baséiert op Proximitéit, Vertrauen, administrativer Vereinfachung an enger konsequenter Kommunikatioun mat de Bierger an de Betriber.

Zousätzlech gëtt all gréissere kommunalen Investitiounsprojet systematesch engem Klimacheck ënnerworf.

Eng gemeinsam Zukunft

D'Energietransitiouns- a Klimastrategie vun der Gemeng Nidderaanwen ass méi wéi en technesche Projet. Si ass eng integréiert Transformatiounsstrategie, déi Technologie, Gesellschaft a Gouvernance matenee verbënnt.
Si féiert op eng Zukunft hin, an där Energie lokal produzéiert, intelligent gespäichert a gedeelt gëtt, de Verbrauch konsequent reduzéiert gëtt an d'Klimaneutralitéit kollektiv erreecht gëtt.
D'Energietransitioun zu Nidderaanwen ass e gemeinsame Gesellschaftsprojet, deen op Zesummenhalt, Innovatioun a Verantwortung setzt. Mat dëser Strategie schaaft d'Gemeng d'Fundament fir eng klimaneutral, resilient a liewenswäert Zukunft fir déi nächst Generatiounen.

„Nidderaanwen zesumme virubréngen" bleift dobäi net nëmmen e Motto, mee de Leitfade vun eiser gesamter Energietransitiouns- a Klimapolitik.

Juni 2026